Schoulbibliothéik „Um Ewent" Conter

Wéi fonctionnéiert eis Bibliothéik?

Jidferee kann 2 Bicher + 1 CD/DVD oder Spill ausléinen, déi Saache kann een 2 Wochen halen.

Fir auszeléine muss een all Buch/CD/DVD/Spill virweisen, bei der Joffer/dem Schoulmeeschter dee fir d'Bibliothéik zoustänneg ass.

All Schüler kritt e Kuerf, wou di ausgeléinten Artikelen dragemaach gin. Fir kënnen auszeléine, muss een dëse Kuerf derbäihun. En ass dofir geduecht, datt d'Bicher/CD'en/DVD'en net knaschteg oder futti gin.

Och wann een e Buch/Spill oder eng CD/DVD zréckbréngt, muss een dat virweisen.

Verhalensregele vun der Bibliothéik

An der Bibliothéik muss ee sech roueg verhalen. Wann ee matt engem anere schwätzt, da flüstert een.

Et ass verbueden an der Bibliothéik ze lafen, aner Leit ze stoussen, z'iessen an ze drénken.

D'Bicher, Spiller, CD'en, DVD'en an all anert Material vun der Bibliothéik gëtt matt Respekt behandelt. Et gëtt näischt op de Buedem gehäit oder futtigemach. Et gëtt net an d'Bicher gemolt oder ënnerstrach an et gi keng Säite gediebelt.

Wann een e Buch aus dem Regal hëllt fir an der Bibliothéik ze liesen, da setzt een e Bicherzeechen an d'Plaz. Dat hëlleft, fir dono d'Buch richteg zréckzesetzen.

Wat geschitt, wann d'Fonctionnement oder d'Regele net agehal gin?

Wann e Schüler e Buch/Spill oder eng CD/DVD net zur Zäit zréckbréngt, kréien d'Elteren/d'Tuteuren automatesch e Rappel geschéckt.

Wann e Buch/Spill oder eng CD/DVD futti ass oder verluer geet, muss et ersat gin. Dofir gett eng Rechnung un d'Elteren/Tuteure vum Schüler geschéckt.

E Schüler den sech net un d'Verhalensregelen hällt, gëtt vun der Bibliothéik äusgeschloss an därf näischt méi ausléinen.